

**Usprouch vum Här Staatsminister Jean-Claude JUNCKER
bei Geleënheet vum Lëtzebuurger Nationalfeierdag
- Juni 2002 -**

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Jore kommen a ginn, eppes awer bleift : all 23. Juni feiere mer eise Nationalfeierdag, Kinneksgebuertsdag wéi déi Eeler vun eis soen.

Den Dag vu mar ass fir d'éischt emol een Dag vu Freed.

Freed driwwer datt mer a Fridden a Fräiheet liewen. Fridden a Fräiheet : eis schéngt se normal, mee fir déi meeschte Mënschen op der Welt bleiwe s'eng Hoffnung déi dacks net an Erfëllung geet.

Een Dag vun Zefriddenheet och well mer – bei allem Misär deen et och heiheim gött – manner materiel Suergen hu wéi anerer : och dat schéngt eis normal. Fir datt et normal bleiwe kann, musse mer eis Decisiounen vun haut op hir Konsequenzen fir mar ofklappen.

Nationalfeierdag ass och een Dag deen zur Nodenklechkeet alued.

Nodenken iwwert eis selwer, iwwert eis Fassong fir zesummenzeliewen, mateneen ëmzegen, openeen zouzegen.

Nodenken iwwert eist Land, säi Wee an d'Zukunft, seng wirtschaftlech an demographesch Entwécklung, seng Spannungen a Géigesäz, säi sozialen Zesammenhalt, seng Mëtt déi et ëmmer erëm fënnt.

Versteestemech fir d'Eegenaarten déi sech hei begéinen, Respekt virun Iwwerzeegungen a Gefiller, besonnesch wa se ëm d'Froe vu Liewen an Doud dréien, ee méi breet gedeelte Courage zur Wourecht, grad wa se net gefällt : et wier gutt wann dës Prinzipien eis an den nächste Méint géife leeden.

Iwwert allem wat eis heiandsdo trennt steet de Grand-Duc, deem Säi Gebuertsdag mer mar offiziell feieren. Zanter dem Oktober 2000 ass Hien eise Staatschef. En ass et op Seng Art a Weis, verknäppt déi beschten Traditione vu Senger Famill mat de Changementer déi d'Modernitéit verlaangt. De Besuch vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse an deenen zwielef Kantonen huet gewisen datt d'Leit gær mat Hinnen zesumme sinn. Si hunn ee geschéckerlechen Zougang zu jiddferengem, een oppent Ouer fir grouss a kleng Suergen. Dat wat

Hinnen zougedroe gëtt droe Se virun op déi richteg Plaz. Si sinn esou datt mer eis an Hinnen erëm erkenne kënnen.

A tous ceux qui vivent chez nous et qui viennent de plus loin, à tous ceux qui me regardent au-delà de nos frontières j'adresse à l'occasion de notre Fête Nationale un cordial message de convivialité et d'amitié.

Iech alleguer wënschen ech ee rouegen, ee nodenklechen an ee schéinen Nationalfeierdag.

Vive de Grand-Duc Henri !

Vive d'Grande-Duchesse Maria Teresa !

Vive eis ganz groussherzoglech Famill !

Vive eist Land !